



N° 5868  
Reçue le 04.03.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 04.03.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Den informatesche System bei der Police ass bekanntlech net méi ee vun de modernsten. Den aktuelle Policeminister hat den 19te Februar 2021 nach eng Kéier ënnerstrach, dass de Fonctionnement vun der Police moderniséiert muss ginn an huet dozou och véier Piliere uginn, op deenen dës Modernisatioun opbaue soll. ([https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes\\_actualites/communiqués/2021/02-fevrier/19-kox-police.html](https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiqués/2021/02-fevrier/19-kox-police.html)).

Effektiv ass am Communiqué ze liesen:

*"Les quatre projets principaux retenus sont la mise en place d'une équipe PMO (project management office) centralisée dont la mission est la promotion du fonctionnement en mode projet pour toute la police; le système SPExpert, qui prévoit l'introduction d'un programme informatique pour l'établissement des plans de service pour les unités à roulements; le portail central qui prévoit une seule entrée centralisée dans un environnement de travail transversal où se rencontrent la communication interne, la collaboration et le besoin métier et finalement les outils mobiles dont le but est d'équiper les policiers et enquêteurs avec des appareils portables (Digital eXperience Platform)."*

Ee performanten IT-System misst an der Lag sinn, fir Prozeduren an engem zesammenhängende Prozess sécher ze verschaffen, weiderzeleeden an zentral ze späicheren. Déi verschidde mobil Aarbechtsgeräter, mat deenen d'Polizistenmusse schaffen, missten an esou engem System interoperabel sinn, fir déi digital Entwécklung vun der ëffentlecher Sécherheet konstant kënnen weider z'entwéckelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi vill Euro goufen zënter 2018, opgeschlësselt no Joer an no Firma, am Zesammenhang mat der Digitaliséierung vun der Police fir extern Etüden a Consulting-Service ausginn?
2. Wéi vill Unitéite kënnen, Stand haut, zu all Moment op eng Tablett oder een anert



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

mobilt Geréit zeréckgräifen, fir déi noutwendeg Prozeduren a Schrëftstécker ausserhalb vum Büro fäerdeg ze maachen (zum Beispill d'Opstelle vun engem Procès-Verbal)?

3. Wéi vill Unitéite kënnen, Stand haut, iwwert ee Mobilgerät op d'Informatiounen vun den Datebanken zougräifen, op déi d'Police am Kader vun hirer Missioun Zougang huet an dëst ausserhalb vun engem Büro an ouni de Funk ze benotzen?
4. Wéi sinn di mobil Geréiter an der Police verdeelt, opgeschlësselt no Unitéit an Effectif vun der Unitéit?
5. Wat ass de Stand an den Timing vun de Projet'en, déi et de Polizisten erméigleche sollen, fir méi effizient ze schaffen, notamment d'Projet'en POLIS, Portail central, Outils mobiles a GED (Gestion électronique des documents)?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

